PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

De Weekend si Fotoen op de soziale Meiden zirkuléiert, déi weisen, wéi de Fëscherséi zu Wäiswampech eidel gelaf ass. An engem Tageblatt-Artikel vun haut erkläert de Buergermeeschter vun der Gemeng Wäiswampech, datt eng vun de Schleisen defekt wär an d'Waasser weiderhin géing auslafen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Ministesch fir Ëmwelt a Kenntnis dovunner, datt besotene Séi zu Wäiswampech eidel gelaf ass? Wann jo, zënter wéini?
2. Kann d'Ministesch erklären, firwat de Séi eidel lafe gelooss ginn ass a wien dofir responsabel ass?
3. Wien ass responsabel fir d'Instandhaltung vun de Schleisen?
4. Kann zum aktuellen Zäitpunkt schonns evaluéiert ginn, zu wéi engen Ëmweltschied an/oder Biodiversitéitsverloschter et koum?
5. Wien wäert dofir opkommen, fir de Biotop erëm beschtméiglech a säin natierlechen Zoustand zeréckzesetzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député